LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 15 OCT. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
15 OCT. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire n°1312 de Monsieur le Député Sven CLEMENT au sujet de la restructuration de RTL Group.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1312 du 10 octobre 2019 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro N° 1312 vum 10. Oktober 2019 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT**

**1)** An deem vum honorabelen Deputéierten ugeschwatene Vertrag, handelt et sech em eng Annexe vum *Protocole d'Accord* iwwert Konzessiounen a Lizenze betreffend d'Notze vu Frequenzen am audiovisuelle Beräich.

An engem Kapitel geet et dem Ancrage vun de Sociétéite RTL Group a CLT-UFA zu Lëtzebuerg. Et ass festgehal, dass iwwert d'Dauer vun der Gültegkeet vum Accord, de Siège social vun deenen zwou Sociétéite muss zu Lëtzebuerg sinn.

D'Décisioune mussen zu Lëtzebuerg geholl ginn an d'Majoritéit vum Personal vun deenen zwou Sociétéite muss och zu Lëtzebuerg sinn.

**2)** De Protocole d'Accord betrëfft déi zwou Sociétéiten.

**3)** Den Informatiounen no, wéi se vun RTL Group presentéiert goufen, handelt et sech em en Effectif vun 192 Leit insgesamt. Dësen Informatiounen no, ass d'Aktivitéit opgedeelt an 80 Leit, déi ënnert engem CLT-UFA Kontrakt stinn an 112 Leit ënnert Kontrakt vun RTL Group.

**4)** D'Regierung huet keng Informatiounen iwwert déi genee Pläng vun der Restrukturatioun, déi aktuell Géigestand ass vu Verhandlungen tëscht Gewerkschaften an der Direktioun vun RTL Group.

**5)** Et handelt sech em Aktivitéiten wéi se an der Regel zu engem administrativen Headquarter gehéieren.

D'Haaptuleies ass, dass RTL sech um Medienstanduert Lëtzebuerg weider entwéckelt. An deem Sënn huet d 'Regierung och eng Zouso vun den Responsabele vun RTL Group an der Mammegesellschaft BERTELSMANN fir an de nächste Méint a Joren nei Aktivitéiten um Site zu Lëtzebuerg ze développéieren. Dozou gehéiert notamment d'Firma MAJOREL, déi hire Sëtz rezent op Lëtzebuerg transferéiert huet an amgaangen ass d'Zuel vun de Beschäftegen an d'Luucht ze setzen.

Doriwwer ass eng nei "Centrale d'Achat" geplangt fir Programmrechter vun RTL Group, déi zu Lëtzebuerg soll entstoen. Et besteet och d'Intentioun fir Aktivitéiten am Beräich vun de Paiementer an am Marketing zu Lëtzebuerg weider ze entwéckelen.

Dat féiert mëttelfristeg derzou, d'Zuel vu Mataarbechter um Site um Kierchbierg an d'Luucht ze setzen.

Dernieft ass der Regierung och verséchert ginn, dass an de nächste Joeren iwwert d'Dauer vun der Gültegkeet vum Konzessiounsvertrag keng weider Restructuratioun geplangt ass an déi Lëtzebuerger Programmaktivitéiten, esou wéi d'CLT-UFA elo net an och weiderhin net vun engem Plazenofbau oder vun Delokaliséierung betraff wäert sinn.